

Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktion
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 7. Februar 2022

Soziale Wunnensbau zu Peppeng: Dee gréissten an deierste Punkt um ODJ war dës Kéier de Projet “Bei der aler Schoul” zu Peppeng. Als gréng war ons kloer, dat e schlechte Projet dee sech net un déi historesch Duerfstruktur an de lokale Patrimoine géif upassen, Peppeng fir ëmmer verhonzen géif! **Dowéinst hate mir d'Majoritéit gedirängt, en Architektoconcours ze lancéieren.** An deen huet sech gelount! Dëse Wunnensbau-projet erfëllt net nëmme héichwäerteg architektonesch an urbanistesche Krittären, mee och wichteg sozial an ökologesche Aspekter. Dat alt **Schoulgebai (1953)** gëtt net ewéi dat zu Bierchem ofgerappt, mee renovéiert an als **wäertvolle Patrimoine** an de Projet inte-

gréiert. Et ginn ausserdem **intergenerationell** an och **rollstullgerecht** Wunnengen ugebueden. D'Gebaier passen sech dem bestoenden **Duerfbild** ob eng zereckhalend a modern Aart a Weis un an schafen en neien Duerfkär mat engem klengen zentrale Park als “Lieu de rencontre” fir nei an „al“ Awunner. Och **ökologesche goufen vill Efforte gemaach**, vun nohaltegen an ökologesche Bautechniken a -materialien, iwwer Grénganlagen a Vëlosinfrastruktur bis zur Reewaassernotzung, nohalteger Heiztechnik an der Produktioun vu gréngem Strom mat Solarzellen. Och eiser **Propose fir e konsequente Verzicht op Styropor/Styrodur** bei kommunale Projete gouf Rechnung gedroen. Am Ënnerscheid zum Schoulcampus Bierchem gëtt et dofir eng “Bonne Note”!

Héich Energiepräisser: Keng “Bonne Note” fir den LSAP-CSV Schäfferot gouf et allerdéngs fir d'Ofleene vun eiser Forderung no enger kommunaler Ënnerstëtzung fir déi Awunner déi akut ënnert der Explosioun vun den Energiepräisser leiden. Schons am Dezember hate mir d'Majoritéit per Motioun (=Decisionsproposé) opgefuedert fir et engersäits dem Staat gläichzemaachen, an och op Gemengenniveau de BiergerInnen eng **kuerzfristeg exzeptionnell Hëllef** unzëbidde fir d'Energiepräisexplosioun opzefänken, an anerersäits d'kommunal Efforten fir Energiespueren a gréng Energienotzung ze verstärken, fir **den Awunner och laangfristeg ze hëllef** sech aus der Ofhängekeet vun den ëmmer méi deieren fossilen Energien wéi Gas, Mazout, Pétrol, asw. ze befreien. Am Februar koum et elo zur Ofstëmmung. Leider hunn LSAP an CSV fonnt, dass dat alles national Missiounen wäeren. Si hunn **eis Proposen ersatzlos ofgeleent**, obwuel etlech Lëtzebuerger Gemengen genee esou Hëllefssystemer hunn (z.B. “Allocation de vie chère”). De Schäfferot hält um Réiser System vun der “Allocation compensatoire pour taxes communales” fest, deen sécherlech eng wichteg Hëllef fir vill Leit ass, mee eben net bei héijen Energiepräisser.

Koordinatioun Schoul-Maison-Relais: Et freet eis, dass d'Propose vun eisem Conseiller a Schoulkommissiouns-Member, Dan Michels, no puer Joer an etleche Nofroen endlech Realitéit gouf: Zwecks besserer Koordinatioun tëscht Schoul a Maison Relais ass ab elo och d'Maison Relais an der Schoulkommissioun vertrueden. Dëse Kommissiouns “Upgrade” erlaabt et wichteg Punkten, Problemer a Froen direkt en **Präsenz vun ALLE Säiten – d.h. Schoul, Regionaldirektioun, Gemeng, Elteren an elo och der Maison Relais** - kennen ze diskutéieren, Mëssverständnisse ze vermeiden an d'Koordinatioun tëscht Schoul a Maison Relais ze verbessern, an dat virun allem zum **Wuel vun eise Kanner**. E grouse Merci un d'MR-Direktioun dass si mat op dëse Wee ginn.

Gréng Luucht fir den Naturpakt: Den Naturpakt ass en neit nationaalt Instrument, dat **vum Umweltministère ausgeschafft gouf an d'Gemengen motivéiert méi Efforten am Beräich vun Natur- a Ressourcenschutz ze maachen, hinnen dobäi hëllef, a konkret Efforten och belount.** D'Ziel ass et bis 2030 och op kommunalem Plang den Nationalen Naturschutzplang, an déi ökologesche Aspekter vum Waasserbewirtschaftungsplang a vun der nationaler Strategie zur Upassung un de Klimawandel emzesetzen. Genee wéi de Klimapakt beinhalt och den neien Naturpakt e ganz konkrete Mosname-Katalog an e Ranking wou de Gemengen hier Fortschreter gemooss a verglach ginn (50% fir Bronze, 60% fir Sëlwer a 70% fir d'Gold-Zertifikat). **Mir kënnen dëse Schratt nëmme begrëssen, an hoffen dat eis Gemeng sech hei elo gutt a séier opstellt a mam Moosnamekatalog virbiléich viru kënnt.** Beim ganz änleche Klimapakt huet dat bis dato ledier nach net perfekt geklappt.

Mëndlech Froen:

Eis Froen waren dëss Kéier ganz breet gefächert, vum Problem mam feelenden **Trottoir an der Rue de Roeser ob der Kockelscheier**, an den Dreckschéchte mat **Behälter fir Tute fir de Muppendreck** inklusiv Schelder als Rappel un d'HondsbesëtzerInnen, iwwert den Notzungsbilan vun de **Chargy-Bornen, dem FLEX-Carsharing an der mBox** fir Vëloen, bis zum Mamaache bei der nächster **NUIT DU SPORT (11.06.2022)**, dem aktuelle Stand vum geplangte **Fossgänger- & Veloswee vum Stadion lanscht de P&R Kockelscheier** bis erop bei d'Gewerbezone Parc Luxite, der **neier Busline** vun der Stad aus bis bei déi selwecht Zone, an eventuellen Neiegekeeten zur **Modernisatioun vun der Gare Bierchem**.

Den Resumé vun eise Froen – a vun den Äntwerte vum Schäfferot - fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virun, an den originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (07/02/22): <https://video.roeser.lu/v/zqWPrDfLSN>

Nos positions au Conseil communal du 16 décembre 2021

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 28. Mäerz 2022

Déi meeschte Punkte hunn méi administrativ wéi politesch Entscheedunge betraff: Konventiounen iwwert d'finanziell Bedeelegung 2022 vum Staat fir Club Senior, Maison Relais, Crèche, Jugendhaus an Office Social, Griewer-Konzessiounen, Notärsakten, Budgetsännerung, Verkéiersreglementer, Personalgestioun. E gudde Mount nom Ugrëff vu Russland op d'Ukrain stoung dëst Thema awer am Zentrum.

Krich an der Ukrain: Och am Réiserbann gouf séier reagéiert a fläisseg gehollef, sief et mat Saach- a Geldspenden a Spendesammlungen oder mat vill perséinlechtem Engagement bis hin zur Opnam vun éischten ukrainesche Leit bei sech doheem. **E grouse Merci fir Är Solidaritéit!** De Schäffen- an de Gemengerot hunn eng Ukrain-Resolutioun ugeholl a sech Gedanken iwwer weider Hëllefsmoosname gemaach. Et geet dréms esou schnell ewéi méiglech, de geflüchte Leit zumindest provisoersch – an dono och méi laang - Wunnraum zur Verfügung ze stellen. Dofir ass de Schäfferot op der Sich no engem Terrain wou d'Konditiounen kéinte passe fir entsprechend Wunnméiglechkeeten ze amenagéieren oder ze bauen. **Bei dëser Geleeeënheet nach eng Kéier e waarmen Appell un d'Besëtzer vun eidele Wunnengen an Haiser, fir dëss - z.B. a Partnerschaft mam Office Social - fir sozial an humanitär Zwecker temporär un d'ëffentlech Hand ze verlounen!**

Neie Stroum fir d'Gemeng: Wéinst den héijen Energiepräisser an enger Faillite an Holland konnt d'Lëtzebuerger Stroumfirma EIDA ab Dezember leider kee grénge Stroum méi liwweren, an och eis Gemeng huet en neie Fournisseur misse fannen. **Mir haten direkt Drock gemaach, datt d'Gemeng op alle Fall nees sollt en ekologesche Choix treffen,** an net just de bëllegste Stroumfournisseur raussichen. Och wann de Schäfferot eis dat am Dezember nach net zu 100% wollt zousoen, stelle mer fest, datt se sech elo fir **gréng Stroum vu "SUDenergie" entscheet** hunn – an dat als éischte Client. Dat ass déi fréier "SUDGAZ", déi neierdénge och erneierbare Stroum produziéiert, keeft a verkeeft, an déi an ëffentlecher Hand ass (= 14 Südgemengen, dorënner Réiser).

EU Charta fir d'Gläichstellung vu Fra a Mann am kommunale Liewen: Bei dësem Punkt vum Ordre du jour ass et em e Kontrakt mat enger Persoun gaangen, déi d'Gemeng soll beim Ëmsetze vun der Charta zur Gläichsetzung vu Fraen a Männer ënnerstëtzen. D'Gläichstellung vu Fraen a Männer ass an onsen Aen eng Selbstverständlechkeet, mee leider nach laang net ëmmer an net iwwerall de Fall. D'Charta verpflichtet eis Gemeng elo en Aktiounsplang auszeschaffen fir dës, zum Deel haart erkämpfte Rechter, an der Praxis ze garantéieren a wieder ze entwéckelen.

Mëndlech Froen: Vélo Coupe Scolaire: Et kann ee feststellen, dat et ëmmer méi Kanner ginn, déi net gutt oder iwwerhaupt net Vélo fuere kennen. Verschiddener hunn och kee Vélo oder kee verkéierstaugleche Vélo. Dowéinst hunn mer de Schäfferot ugereegt fir am Virfeld vun der Coupe scolaire, wou et em d'Reegelen am Verkéier geet, eng Mise en conformité vun de Kannervéloen duerch d'Gemeng ze maachen. **E Véloscours soll ausserdeem Kanner déi nach net Vélo fuere kennen, hëllef en et ze léieren.** Och sollt een sech Gedanken doriwwer maache wéi Kanner déi nach kee Vélo hunn zu engem kéimen. Besonnesch wichteg sinn dës Iwwerleeungen an Zesammenhang mat der Iddie vum "Vélosbus" mat deem d'Kanner an d'Schoul kéinte fuere als Alternativ zum Pedibus. An dem selwechte Kontext hu mer och nogefrot wou eis Gréng Decisiouns-Propose dru wär, fir de Kaf vu Second-Hand Vélo finanziell ze ënnerstëtzen. **Contournement Hesper:** Mir wollt wëssen op de Schäfferot „à ce stade“ wëlles hätt en Avis zu de verschiddene Variante vum Hesper Contournement ze maache wat e méiglechen Impakt op Réiser ugeet. Dat ass awer fir déi aktuell Varianten-Diskussioun net geplangt. **LED Stroosseluuchten:** Op eng Dezember-2020 Fro hat de Schäfferot eis geäntwert, datt se nach géife préiwe wéi a wou een déi nei LED-Beliichtungen an der Nuecht kéint dimmen. 15 Méint dono wollt mer wësse wou se mat dëser Energiespuer-moosnam dru wäeren, et gëtt awer kee Fortschritt bis elo. **Naturschutz/SICONA:** Den Naturschutzsyndikat Sicona, wou Réiser Member, ass, huet e ganz flotte Programm lafen, deen „Natur genéissen“ heescht, a wou et em **regional, bio, fair a gesond Liewensmëttel fir d'Betreiungsstrukturen/Kantinnen** vun de Membergemenge geet. Mir goufe gewuer, datt Réiser hei leider net dobäi ass, mee datt se awer Gespréicher mam Sicona wëllen ophuelen. An och zu den Aktivitéiten déi de Sicona fir Kanner a Jugendlecher a speziell fir d'Schoulen ubitt – z.B. Schoulgaart Gestioun – wollt mir Neiegkeeten hunn.

De Resumé vun all de Froen (an den Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun, oder och am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (28/03/22): <https://video.roeser.lu/v/EvrYAhzDnl>

Nos positions au Conseil communal du 28 mars 2022

La version française est disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 2. Mee 2022

ËMWELT- AN NATURSCHUTZ - Positiven Avis fir Naturschutzgebitt: Well grad den Naturschutz schonn ëmmer zu de gréng Kärthema gehéiert, freeë mir eis ganz besonnesch, datt de Réiser Gemengerot déi vum Ëmweltministère proposéiert national Naturschutzzone “Daerebësch-Waal-Helléngerbësch” op Réiser, Beetebuenger an Diddelenger Terrain eestëmmeg ënnerstëtzt. De verstärkte Schutz vun dëse Bëscher, Graaslandschaften a Weiere wäert och zum Erhalt vum Liewensraum vu ville Vullenarten, Fliedermais an Amphibienarten bäidroen, an en ekologesche Korridor Richtung

Zoufftgen soll d'Verbindung zu de Bësch- a Schutzgebiddere op franséischer Säit herstellen, an de wëllen Déieren e bessere Passage erméiglechen. Dëst ass e klengen mee wichtege Schratt fir den Ëmwelt- an Naturschutz an eiser Géigend. Et geet eis dobäi net just em de Schutz vun den natierleche Ressource fir déi heideg Awunner. Esou Naturschutz Moosname si virun allem och fir eis Kanner an Enkelkanner wichtig, fir hinnen eng méiglechst intakt Natur an eng liewenswäert Zukunft ze hannerloossen.

BLACKBOX GEMENGE-SYNDIKAT – Kaum Informatiounen zur Syndikats-Aarbecht: Mir haten der LSAP-CSV Majoritéit per Motioun proposéiert, de Gemengerot méi reegelméisseg iwwert d'Aktivitéite vun den interkommunale Syndikater ze informéieren, an domadder souwuel d'Aarbecht vun dese Syndikater méi visibel ze maachen, wéi och d'Aarbecht vun de Réiser Vertrieder. All Vertrieder kritt nämlech fir seng Participatioun un de Syndikatsitzungen méi oder manner grouss Opwandsentschiedegungen an deels Congé politique. Dofir wär et fir eis nëmmen normal, datt eis Réiser Vertrieder (Lëscht ënner: <https://bit.ly/3MW9BU1>) de ganze Gemengerot ab und zu iwwert d'Aktivitéiten an d'Pläng vun de Syndikater sollten informéieren. Hei geet et em ganz vill Geld an em Servicer déi eis Biergerinnen a Bierger ganz direkt betreffen (Waasser, Ofwaasser, Offall, Recycling, Schwäm, ...) a wou de Gemengerot bis ewell awer just eemol am Joer beim Budget dierf iwwert d'Käschten/Membersbeitrag ofstëmme. Et dierf een als Gemengerot zwar u Sitzunge vu Syndikater deelhuele, mee keng Froen stellen oder d'Wuert ergräifen, an och wa mer laut Gesetz sämtlech Sitzungs-Rapporten vun de Syndikats-Komiteeë misste kréien, ass dat an der Praxis lang NET de Fall, esou datt souguer e minimale Suivi am Gemengerot de facto onméiglech ass. D'LSAP-CSV Majoritéit war hei zwar ganz ganz schlecht drun, mee huet eis Propose awer trotzdem ofgeleent. Enttäuscht huet eis virun allem, datt keen ee vun de betroffene Gemengeréit, déi fir Réiser a Syndikater setzen, et fir néideg fonnt huet eppes zu eiser Propose ze soen.

MËNDLECH FROEN: Bei de mëndleche Froen hu mer nom Energieaudit gefrot, deen am Kader vum Klimapakt muss gemaach ginn, an dee weise wäert wou eis Gemeng aktuell mat hiren Efforten am Klima- an Energieberäich drun ass, an e Verglach mat anere Gemengen erméiglecht. Eng aner Fro war zum Stand vun der ugekënnegter Buslinn vun der Cloche d'Or erop op d'Kockelscheier an d'Industriezon Parc Luxite, déi fir d'Fréijoer annoncéiert war. Weider hu mer no Planungen fir eng weider Vëlospiste gefrot, duerch de Zoning zu Léiweng, lanscht de Supermarché. Mir hunn de Schäfferot awer och felicitéiert datt Réiser scho bei der leschter anti-gaspi Aktioun „Giele Band“ fir Uebstbeem dobäi war, an se opgefuerdert dëst Joer méi Reklam fir des Kampagne ze maachen a virun allem d'Platzen bekannt ze maachen wou déi Uebstbeem stin wou d'Leit kennen fräi plécke goen. Op eis „technesch“ Fro nom konkreten Inhalt vun de villen Kommodo Dossieren fir Ännerungen u Mobilfunkmasten – z.B. op et fir de 5G wär – krute mer en Absence vum Buergermeeschter leider keng direkt Äntwert.

GEDENKEN UN DEN ÉIEREBUERGERMEESCHTER: Zum Doud vum fréiere Buergermeeschter an Éierebuergermeeschter Arthur Sinner, drécke mir Famill, Frënn a Bekannten ons häerzlech Matgefill aus, a soen him hei e leschte Merci fir seng Aarbecht a säin Engagement fir ons Gemeng.

De Resumé vun all de Froen (an den Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun, oder och am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (02/05/22): <https://video.roeser.lu/v/LqIWTjkDBM>

Nos positions au Conseil communal du 2 mai 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann>
ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 13. Juni 2022

Op der Dagesuerdnung stungen des Kéier etlech Notairesakten zur Regularisatioun vun Terrainverhältnissen, Morcellementer vu private Grondstécker, puer Finanzpunkten, provisoersch Verkéiersreglementer, Personalfroen, asw. Niewt dem décksten Dossier vun dësem Gemengerot, der Schoulorganisatioun, huet eist besonnescht Interessi engem Notairesakt gegollt, wou et em en Terrain-Tausch tëscht der Gemeng an engem Bauer gaangen ass, a wou mir als eenzeg Partei am Gemengerot dogéint gestëmmt hunn.

Tausch vu Grondstécker (BEP géint HAB-1) zu Krauthem: Den Notairesakt hält den Tosch vun 3 Grondstécker vun enger Bauere-Famill géint 1 Grondstéck vun der Gemeng fest.

D'Gemeng krut 2 Parzelle niewt der Schwemm plus eng laang Sträif laanscht de Krautemer Kierfecht, ob deenen awer laut Bebauungsplang (PAG) als BEP aklasséiert ass an dofir just éffentlech Gebäier an Equipementer hei dierfe gebaut ginn. Et ass also keen normale Bauterrain an de Propriétaire hält dee souwisou net un e private Promoteur verkaf kritt. Op dessem Terrain goufen mëttlerweil dei nei Tennisterrainen gebaut. Souwäit sou gutt... Als Géigeleeschtung krut de Bauer alleréngs vum LSAP-CSV Schäfferrot e flotten Terrain direkt vis-à-vis vum Tennis, deen am PAG als normale Bauterrain (HAB-1) aklasséiert ass. Dofir ass dësen Terrain fir eis och dätlech méi wäert, och wann e méi kleng ass wéi dei 3 Parzellen déi d'Gemeng krut. Mir fannen desen Tausch net favorabel fir d'Gemeng an hunn dogéint gestëmmt. An Zäite vun Logementsmangel an explodéierenden Immobiliepräisser sollt eng Gemeng keen wäertvolle Bauterrain aus der Hand ginn, mee selwer fir éffentlechen a bezuelbaren Wunraum suergen.

D'Schoulorganisatioun 2022-23: d'Schoulorganisatioun ass dës Kéier besonnesch komplizéiert gewiescht, well se geprägt ass vum verspéitene Opgoe vum neie Campus Bierchem/Béiweng, am Laf vum nächste Schouljoer, an dem uschlëssende Wiessel vun zousätzleche Klassen op Bierchem fir dann deen alen Deel vun der Krautemer Schoul kennen nei ze maachen. Des Aarbecht huet eng komplex Virplanung a Reflexioun iwwert de konkreten Oflaf erfuerdert a wäert dat bis zum Betrieb vum neie Campus (+/- Ufank 2023) och nach weider maachen. Dofir soe mir alle Bedeelegten e grouse Merci fir hier wäertvoll Aarbecht! Ervirsträiche wéilt mir hei nëmmen e puer Saachen:

- d'Gemeng huet a weider Tabletten investéiert fir datt bal all d'Schoulkanner vum nächste Joer un mat dësem neie Medium schaffe kann. Eng digital Tablett ersetzt ni eng gutt Léierpersoun a hire gudden Unterrecht, mee se erméiglecht et awer e.a. den Unterrecht méi anschaulech, interaktiv a multimedial ze gestalten, manner Pabeier ze benotzen an d'Kanner ob eng ëmmer méi digital Welt virzebereeden.

- All Léierpersoun kritt e Beruffs-Laptop deen op de schoulinterne Reseau oofgestëmmt ass, a souwuel Sécherheets- wéi och Dateschutzproblemer duerch privat Computer verhënnert, an dem Léierpersonal seng alideeglech Aarbecht erlichtert.

Mëndlech Froen:

- Mir hunn ons beim Schäfferrot verséichert dat an Zukunft genuch Vëloparkplazen ob den 2 Schoulsitte wäerten zur Verfügung stoen, a begréissen et dat op all Campus een Deel Vëlostellplaze wäerten iwwerdeckt sinn.

- Ob ons Fro wéi ee mam Vëlo am sécherste bei d'Krauthemer Schoul kéim, krute mir leider keng richteg Äntwert. Mir waren ons all eens, dat d'Rue des Sacrifiée immens geféierlech ass wéinst dem Busverkéier, de parkenden Autoen an der schmueler Strooss. Mir hunn drop higewisen, dat de Schäfferrot sech misst doriwwer Gedanke maachen iert et zu engem trageschen Accident kennt.

-Et hunn e puer Leit ons dorop opmierksam gemaach, dat an der Rue des Sacarifiés, tescht Schwemm a Schoul, landwirtschaftlech Gefierer emmer nees de falsche Wee duerch de Sens unique erof fueren. Dat ass net nëmmen verbuede mee och ganz geféierlech well direkt bei der Schoul an der Spillplaz / Parc Kolla. Mir hunn de Schäfferrot opgefuedert ze kucken datt do méi streng kontrolléiert/protokolléiert gëtt.

- Fir d'zweet maache mir de Schäfferrot dorop opmierksam, datt vill Spadséiergänger sech opreegen, datt zu Réiser e Bauer schon nees de Feldwee tescht senge Felder ënnerbrach huet, fir se uerch e Passage mateneen ze verbannen an seng Béischte do laafen ze lossen. Mir hunn de Schäfferrot gefrot ob de Péchert/Bannhiddler do schon intervenéiert huet?

De Resumé vun all de Froen (an den Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun, oder och am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (13/06/22): <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 13 juin 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 18. Juli 2022

FLEX-CARSHARING: Am Juli krute mer déi éischt Jores-Statistiken zum **Carsharing System zu Réiser**. De Buergermeeschter huet erkläert, dat de Flex-Auto, deen um Parking virun der Réiser Gemeng steet, a vun interesséierten Awunner.inne punktuell kann ausgeléint ginn, **244 mol benotzt** gouf, mat Tendenz no uewen! Dat ass erfreuelech, well dat weist datt Dir des Formel interessant fannt an unhuet. De Carsharing kann e privaten Auto net nëmme punktuell ergänzen, mee idealerweis souguer ersetzen, respektiv et erlaben op een zousätzlechen Auto fir de Stot ze verzichten, a domadder vill Suen ze spueren, genee wéi och d'Parkplaz no bei der Hausdier. Mir freeën eis, datt de Schäfferot ob ons

Ureegung hin op de Wee vum Flexauto gaangen ass, a plädéiere **fir méi esou Statiounen an eiser Gemeng, an och fir en Elektroauto-Modell**. Dat wär e weidere Klengen nohaltege Schrëtt.

SYNDIKATS-KONTROLL & TRANSPARENZ: E Punkt deen ausféierlech beschwat gouf, waren d'Schwieregkeete mat der **politescher an administrativer Kontroll vum SIGI** (Syndicat Intercommunal de Gestion informatique), a wou all d'Gemengen ausser d'Stad betraff sinn. Een Deel vum Problem läit fir eis doranner, datt an de Gemengerotssitzunge quasi ni, a scho guer net am Detail, iwwert d'Gemengesyndikater, hier Projeten, Decisiounen an eventuell Problemer geschwat gëtt, an d'Éffentlechkeet (also Dir) nach manner gewuer gëtt.

Dofir hate mir **scho virum SIGI Skandal, dem Schäffen- a Gemengerot d'Propose gemaach fir méi reegelméisseg an detailléiert iwwert déi Syndikater ze schwätzen** wou Réiser Member ass – d.h. och, mee net just iwwert de SIGI. Den 2. Mee hate mer awer och nogefrot firwat mir vun etleche Syndikats-Sëtzunge keng schrëftlech Rapporten kréien, obwuel d'Gesetz dat virschreift. Mir kruten deemools awer verséichert, méi Diskussiounen zu de Syndikater wäeren net néideg, an eis Propose gouf ofgeleent. Réischt elo, wou et beim SIGI net just „dämpft“, mee scho „brennt“, hunn de Buergermeeschter an de Réiser Vertrieder am SIGI erkläert, wat an der läschter SIGI Sitzung beschwat an decidéiert gouf, dat d'Réiser Gemeng onzefridde wär mat den Déngschtleeschunge vum SIGI, datt och vun Onreegelméissegkeeten a Personal-Mobbing riets wär, an elo onofhängeg Auditte gemaach géifen. **Dëse Fall bestätegt deemno op ganzer Linne eis Fuerderung fir méi reegelméisseg Diskussiounen zu den Aktivitéiten vun de Gemenge-Syndikater.**

KAF VUN 2 HAISER: Mir begréissen, dat de Schäfferot vun der Méiglechkeet profitéiert huet fir zwee eidel Haiser, quasi vis-à-vis vum Gemengenhais, ze kafen. Mir sinn der Meenung dat eng Gemeng, déi Wäitbléck huet, a sech et finanziell erlaben kann, onbedéngt esou **Immobilie mat Potential fir d'effentlech Hand** kafe muss. Vu der Lag a vun der Gréisst vun den Terrainen hier bidden sech hei vill Méiglechkeete fir d'spéider Notzung: administrativ, Sozial- a Flüchtlingswunnengen, Vergréisserung vum Parking wat Terrain hannert der Gemeng géif fräi maachen, asw.

KAF VU AKERLAND: De Schäfferot krut d'Méiglechkeet ronn 244 Ar landwirtschaftlechen Terrain net weit vum Herchesfeld ewech fir 250.000.- € ze kafen. Och wann d'Gemeng keng direkt Verwendung dofir huet, mécht et sécherlech Sënn eng Reserve un Terrainen unzeleeën, fir gegebenefalls Stécker mat private Proprietäre kënnen ze tauschen. Well Waasser- a Stroumversuergung bei deem Terrain schon do sinn, fanne mir awer och d'Iddi vun engem Gemeinschaftsgaart, déi mir scho laang an onsem Walprogramm hunn, gutt.

MËNDLECH FROEN:

Felicitatiounen fir **ons jonk Vëlofuerer.inne vun der Coupe scolaire (Cycle 4)** fir hier gutt Leeschtung an der Elterevereinigung fir d'Organisatioun! National gesinn, kënnen awer ëmmer manner Kanner gutt oder iwwerhaapt Vëlo fueren, hunn deelweis kee Vëlo, oder e Vëlo deen net adaptéiert oder onsécher ass. Dofir hu mir dem Schäfferot onst Uleies nach emol virgedroe fir mam neier Sportsbeoptragte vun der Gemeng **Coure fir d'Kanner ze organisieren. Hei sollen d'Kanner net nëmme gutt Vëlofuere léieren, mee och léiere wat e verkéiersséchere Vëlo ausmécht.**

D'Pécherte kruten nei Befugnisser iwwert e Gesetz. Mir hunn de Schäfferot gefrot, ob si sech schon iwwerluecht hunn, wéi dës Erweiderung bei de Réiser Agents municipaux wäert ausgesinn. Si wäerten ons dozou Réckmeldung ginn, esoubal sinn sech doriwwer eens sinn.

De Resumé vun all de Froen (an den Äntwerten) fannt Dir am **Sëtzungsrapport op de Säite virdrun, oder och am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung (18/07/22):** <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 18 juillet 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann>
ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktion
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 3. Oktober 2022

Mat >3h30 war dës Sitzung quasi déi längsten zanter de Walen 2017. Hei eis 5 Hauptpunkten:

Energiespuer-Mesuren: Zur Verwonnerung vum Schäfferot hu mir géint hier Resoloutioun iwwert Energiespuermesure fir d'Gemeng Réiser gestëmmt. Se war **vill ze vill vage**, ouni präzisa a contrainnant Moosnamen ausser zur Raumtemperatur (déi all d'Gemengen applizéieren), ouni Reduktiounszil, ouni Deadline bis wou een d'Zieler wëll erreechen, an ouni Schätzung wat déi puer Pisten (z.B. Heiztemperatur erofsetzen) als Erspuernes

bréngen. D'Regierung hat d'Gemenge schonns de 5. August opgefuerdert wéinst der Energiekris schnell zousätzlech Mesuren a Punkto Energiespuere bei Gas, Mazout, Diesel, Bensinn, Stroum, asw. ze huelen. **Dem Gemengerot 2 Méint dono eng Energiespuer-Propose, ouni Zilsetzung, Deadline a chiffriert Mesure virzeleeën, war fir eis dofir inakzeptabel.**

Gemengewalrecht fir d'Nët-Lëtzebuurger: Am Juli gouf d'Gemengewalgesetz moderniséiert an d'Net-Lëtzebuurger Matbierger*inne kënnen elo méi einfach un de Gemengewalen deelhuele. Si kréien d'Gemengewalrecht ab dem Dag vun der Umeldung zu Lëtzebuerg, mee fir dovunner kënnen Gebrauch ze maachen, müssen si sech op der Gemeng an d'Wielerléscht aschreiwen. Als Gréng hate mir dem Schäffen- a Gemengerot dofir per Motioun proposéiert direkt aktiv ze ginn, d'Net-Lëtzebuurger Matbierger iwwert déi nei Reegelen ze informéieren, a si ze motivéieren sech als Wieler anzeschreiwen, a grad och bei der Umeldung op eiser Gemeng. D'Majoritéit deelt eis Zilsetzung, mee et gouf Differenze bei de Moosnamen. **D'Decisioun gouf reportéiert an en Avis vun der Integratiounskommissioun gefrot.**

Bezielbare Wunnraum: Am Kader vum Wunnéngsbaupakt 2.0, muss d'Gemeng dem Logementsministère en Aktiounsprogramm („PAL“) eragi fir méi bezuelbaren an nohaltege lokale Wunnraum. Am PAL steet deemno wou a wéi d'LSAP-CSV Majoritéit méi öffentleche Wunnraum schafe wëll, a wéi se do eng gutt Liewensqualitéit areeche wëll. Mir Gréng ënnerstëtzen d'Ziel fir méi bezuelbaart Wunnen, hunn eis beim PAL awer wéinst falschem Fokus enthalen. Dem Schäfferot viséiert den „**Hierschterbiere**“ **tëscht Bierchem/Béiweng** an der Aire de Berchem, an de „**Widdem**“ **am Ausgang vu Réiser Richtung Alzeng** (laanscht de Feldwee beim Aussidlerhaff/Reitstall). De **Widdem** wollt de leschte Schäfferot schonns 2015/16 an de PAG ophuelen, mee huet wéinst dem negativem Avis vum Staat missen drop verzichten. **Mam Alibi-Argument datt se wéinst dem Ukrain-Krich do Flüchtlinge-Logementer kéinte bauen, ass de PAL just en neien Ulaf fir awer do kënnen ze bauen.** Nieft Konflikter mam Landschafts- an Naturschutz, ass de **Widdem** och urbanistesche fragwürdeg an d'Ubannung un den öffentlechen Transport an un déi zentral Funktiounen (medezinesch Versuergung, schoulesch Infrastrukturen, Commerce) ass net optimal. Den **Hierschterbiere** huet par contre e flott Potential wann en attraktiv a schlaue geplangt gëtt, net ze grouss gëtt, a gutt un d'Gare ugeboune gëtt.

30'er Zone fir d'Groussgaass: Beim Projet vun der neier Groussgaass mat 30'er Zone virun der Gemeng hu mer eis „just“ enthalen, well een Deel vun de Kritikpunkten net der Gemeng geschëlt ass, mee de Reegele vun der Stroossebauverwaltung, speziell déi reduzéiert Längt vun der 30'er Zone. Eisen Hauptkritikpunkt betrëfft awer dat **schlecht Konzept fir Véloen a Foussgänger*innen**. Et gouf sech leider alt nees fir dat „suboptimaalt“ Konzept vum eesäitegen **Trottoire mixte (wéi tëscht Réiser a Béiweng)** entscheet wou Véloen, Pédélec, e-Trottinetten, Jogger, Poussetten, Foussgänger, Muppen an der Längt, asw. sech vermëschen. An dofir ass et och quasi onméiglech fir de Vélo-Angebotssträife vun der Hauptstrooss (bei Police/Bäcker) propper eriwwer an d'Grand-Rue ze féieren.

Reamenagement vun der ‚Place de la Grève Nationale‘ zu Réiser: Am Moment gëtt d'Platz virun der Réiser Kierch duerch ganz ënnerschiddlech Gebaier bestëmmt an d'architektonesche Diversitéit ass grouss. E Reamenagement ass noutwenneg, mee mir bedauern, dat nieft dem Verschwanne vun eenzelen ale Beem et hei verpasst gouf, der Platz eng konkret Funktioun zouzeweisen a mat gestaltereschen Elementer eng Eenheet tëscht de Gebaier hierzustellen, zemoools wou d'Strooss virdrun och nei gemaach gëtt. Mir hunn ons enthalen.

E Resumé vun onsen mëndleche Froen (+ Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun, an am originale Wuertlaut am Gemengerots-Video vum 3.10: <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 3 octobre 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 14. November 2022

Am November waren direkt 2 Decisiouns-Proposen vun eis um Ordre du jour, déi d'LSAP-CSV Majoritéit awer **alle beid oofgeleent** huet:

(Leider) Nach ëmmer kee Vélo-Subside fir Second Hand a fir kleng Akommes: Ennert dem Punkt 1.3 gung et em eis Propose fir den aktuelle Gemenge-Subside fir de Vélo-Kaf op dee Modell ze adaptéieren, deen mir ursprüngelech schon am Mee 2019 virgeschloen haten. Deemools war d'Majoritéit awer **just d'accord fir de Kaf vun neie Véloen ze subventionnéieren, an net - wéi vun eis proposéiert - och de Kaf vu Second-Hand Véloen**

iwwer offiziell Geschäfte. Eis Second-Hand Propose, genée wéi eis **Sozial-Propose** fir eng méi héich Subventioun fir Leit mat niddregem Akommes, huet d'Majoritéit elo am November awer op en neits mat de selwechten Argumenter (administrativen Opwand an Angscht viru Mëssbrauch) oofgeleent wéi 2019, an dat obwuel d'Gemenge Beetebuerg a Suessem zanter 3 Joer esou Subsiden hunn an et kee Problem gett. Fir eis ass dat en neie Beweis, datt et dem Umwelt-Service vun der Réiser Gemeng um néidege Personal feelt an dem Schäfferot un der néideger Visioun. Gutt ass awer, datt sech d'Gemeng elo un de Beetebuurger Vélo Second-Hand Marché dru gehangen huet, an deen elo oofwiesselnd och fir Réiser organiséiert gëtt.

(Keng) Grouss Kampagne zum Gemengewalrecht fir d'Nët-Lëtzebuurger: Mam Gesetz vum 22. Juli 2022 gouf d'Walrecht fir d'Gemengewalen och op déi Nët-Lëtzebuurger ausgeweit déi manner wéi 5 Joer am Land wunnen. All Nët-Lëtzebuurger Bierger kritt elo mat senger Umeldung op der Gemeng och do d'Walrecht. Fir vun dësem Recht kënnen gebrauch ze maachen, muss déi Persoun sech awer offiziell an d'Wielerlëscht aschreiwien, an ennerläit da wéi all Wieler der Walpflicht. Well dëst eng grouss a wichteg Ännerung och fir Réiser ass, hu mir Enn Oktober proposéiert fir direkt eng **Sensibilisatiouns-Kampagne** ze starten, d'Nouveaux Arrivants bei hierer Umeldung iwwert hiert Walrecht ze informéieren, d'Öffnungszäiten vun der Gemeng am Virfeld vun de Walen unzepassen, asw. Obwuel mir heimadder, laut dem Buergermeeschter, oppen Dieren beim Schäfferot géifen arennen, hat d'LSAP-CSV Majoritéit eis **Propose op den Dezember verréckelt fir nach kënnen en Avis vun der Integratiounskommissioun ze froen. Eis Enttäuschung war deemno grouss, wéi eis Propose elo 1) ouni Avis vun der Integratiounskommissioun zum Vote koom, an 2) se einfach ouni konstruktiv Ännerungsproposen verworf gouf**, well eng Rëtsch vum Schäfferot sengen Iddië géife feelen, an se eenzel Iddië vun eis géife net géifen deelen.

Zoustand vum Réiser Gemengebësch: Wéi all Joers huet de Fierschter den aktuellen Zoustand vum Gemengebësch erkläert an d'Projete fir 2023 virgestallt. Wéi schonn déi lëscht Joeren leiden onse Bësch leider staark ënnert der zouhuelender Dréchent. **D'Folge si geschwächte Beem déi ëmmer méi ufälleg fir Krankheeten, Parasitten an Insekten ginn.** Déi al Beem déi et net méi packen, gi vum Fierschter senge Leit no an no ewech geholl. Wéinst dem Klimawandel wäerte wuel verschidde net resistent genuch Bamaarten, wéi d'Bichen, lues a lues aus eise Bësch verschwannen. Fir de Bësch ze erneiere, ginn **méi robust Baamzorte** geplanz an och méi **Baamzorte gemësch**. A fir déi nei jonk Beemercher géint verschidden Déieren ze schütze, ginn holze Gittere ronderëm gesat. Dem Fierschter a senger Equipe e grouse Merci fir déi gutt a wäertvoll Aarbecht!

Nei Subside fir erneierbar Energie Produktioun an Energiespueren: Fir den Umwelt- an Energieberäich ass dëst dat wichtegst Subside-Reglement vun eiser Gemeng, mee leider war et scho ronn 10 Joer laang net méi iwwerschafft ginn. Mir sinn deemno frou, datt de Schäfferot eiser Opfuederung vun Dezember 2021 endlech nokoom, an dest Reglement u déi aktuell Zäit ugepasst huet. Wat manner Energie am Stot verbraucht gëtt, wat manner Energie muss produzéiert ginn, an dat reduzéiert och den Ausstouss vun Zäregasen. Och erneierbar Energië wéi Solarenergie oder Wandenergie droen dozou bäi, si méi ëmweltfrëndlech wéi Kuel, Gas oder Atomstrom a kënnen zum Deel um eegenen Daach installéiert ginn. Mir hunn dëse Punkt matgestëmmt, well des Upassung méi wéi iwwerfällg war. Réiser mécht domadder zwar **keng energiepolitesch Echappé**, mee ass **zumindest nees am Peloton**. Et ass och flott, datt eis Propose aus der Umweltkommissioun fir **privat e-Bornen** ze subventionnéieren schlussendlech och akzeptéiert gouf.

E Resumé vun **onsen mëndleche Froen** (+ Äntwerten) fannt Dir am **Sätzungsrapport** op de Säite virdrun, an am originale Wuertlaut am **Gemengerots-Video vum 14.11:** <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 14 novembre 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann> ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 12. Dezember 2022

An der 1. Dezember Sitzung waren nieft der Presentatioun vum Budget nach vill weider administrativ a politesch Punkten um Ordre du jour. Am Haaptdeel krute mir eng gutt Stonn laang Erklärungen zum Budget rectificié 2022 an zum Budget 2023, iwwert deen de Gemengerot dann an der 2. Dezember Sitzung, 3 Deeg dono, diskutéiert an oofstëmmt. Eis Positioun zur Gesondheet vun de Gemeengefinanzen zum politeschen Inhalt vum Budget fannt dir dofir réischt an der Stellungnam zur Sitzung vum 15.12.

Bezielbare Wunnraum / Pacte Logement 2.0: Beim Punkt 2.1 hu mir ons enthalen, well dëst Dokument un de Programme d'Action Local (PAL) fir bezielbaren an nohaltege Wunnraum gekoppelt ass, mat dem mir am Oktober wéinst gudden Usätz mee falschem Fokus och net d'Accord waren. De Schäfferot viséiert mam PAL den Aménagement vum „**Hierschterbiereg**“ tèscht Bierchem/Béiweng an der Aire de Berchem, an de „**Widdem**“ am Ausgang vu Réiser Richtung Alzeng (laanscht de Feldwee beim Aussidlerhaff/Reitstall). De **Widdem** wollt de leschte Schäfferot schonns 2015/16 an de PAG ophuelen, mee huet wéinst dem negativem Avis vum Staat missen drop verzichten. Mam **Alibi-Argument** datt ee wéilt **Flüchtlings-Logementer** wéinst dem Ukrain-Krich do bauen, ass de PAL, an eisen Aen, just en neien Ulaf fir awer do kënnen ze bauen. Nieft Konflikter mam Landschafts- an Naturschutz, ass de **Widdem** och urbanistesesch fragwürdeg. Den **Hierschterbiereg** huet par contre e flott Potential wann en attraktiv a schlaue geplangt gëtt, net ze grouss gëtt, a gutt un d'Gare ugebonne gëtt, mee fir eis feelt et nach u konkreten Iddië fir e richtegen Ecoquartier.

Just nach 47% vum Sportkoordinator: De Réiser Sportkoordinator war bis elo als „temporäre“ Pilotprojet mam Sportministère finanziert ginn. Fir dese Posten elo awer langfristeg oofzesécheren, gouf sech mat den Nopeschgemengen Fréiseng, Réiser a Weiler op eng Zesumenaarbecht geenegt. Mir begréissen dëss langfristeg Sportoffer, och wa Réiser elo just nach 47,6% vun de Stonnen ze gutt. Se riicht sech u Kanner tèschent 0 an 12 Joer a soll hier motoresch Entwécklung ënnerstëtzen.

Experiment Biergerbudget : De Schäfferot huet elo fir dee läschet Budget virun de Walen een interessant Experiment vun der Diddelenger Gemeng kopéiert. Et geet hei em eng Enveloppe vun 100.000 Euro déi d'Gemeng an hierem Budget 2023 reservéiert a wou d'Awunner – inklusiv Jugendlech ab 14 – kennen Projeten kënnen proposéieren wéi dëss Suen solle genotzt ginn.

D'Biergerbedeelegung ass fir eis en Uleies, dat mir als Gréng an all Budgetsried virdroe säit et ons zu Réiser gëtt. Well bis elo huet d'Biergerbedeelegung zu Réiser éischer aus Info-Versammlunge bestanen, wou d'Bierger iwwert quasi fäerdeg Projeten informéiert goufen.

Dëst Experiment fir en 100.000 Euro Biergerbudget stellt deemno e grouse Fortschrëtt a Punkto Biergerbedeelegung duer. Allerdéngs mierkt een och nach op puer Punkten d'Mësstrauen vum Schäfferot fir dem Bierger Entscheedungen ze iwwerlossen, well d'Spillregele vum Réiser Biergerbudget dach e Krack méi restriktiv si wéi déi vum Diddelenger Original. Obwuel et deemno nach Spillraum no uewe gëtt, ass dëse Biergerbudget e Schratt an déi richteg Richtung, dee mir ënnerstëtzen.

De Resumé vun all de Froen (an den Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun an am originale Wuertlaut am Video vun der Gemengerotssitzung vum 12.12.2022: <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 12 décembre 2022

Version française disponible sous: <https://www.facebook.com/grengreiserbann>
ou par code QR:



Chaque groupement politique peut s'exprimer sur une page du bulletin communal « De Buet » pour chaque séance du conseil communal pour expliquer son vote et présenter son point de vue concernant les points figurant à l'ordre du jour.

Jede politische Partei verfügt über eine Seite im Gemeindeblatt „De Buet“ pro Gemeinderatssitzung, um ihr Abstimmungsverhalten zu begründen beziehungsweise ihre Standpunkte zu einzelnen Punkten der Tagesordnung zu erklären.



d'ei gréng Fraktioun
Gemeng Réiser

Gréng Stellungnam zum Gemengerot vum 15. Dezember 2022

Dës Sitzung hat 3 grouss Schwéierpunkter, den Avis zum Projet de Programme directeur de l'aménagement du territoire (PDAT 2023) an de vote vum Budget rectificié 2022 a vum Budget prévisionnel 2023.

Landesplanung / PDAT 2023: De PDAT ass e Strategiekonzept vum Landesplanungs-Minister Claude Turmes, dat déi grouss Leitlinie zur Landesplanung aktualiséiert an zesumme-faasst, déi sech souwuel op de Staat wéi och op d'Gemengen sollen applizéieren (z.B. bei der Ausaarbechtung vum PAG). De PDAT 2023 ass doriwwer eraus awer och eng wichteg Orientatiounshëllef fir privat Akteuere, fir ze gesinn wéi Lëtzebuerg sech méttel

a laangfristeg entwéckele soll. E proposéiert eng Rumm fir eis begrenzte Lëtzebuenger Fläch an eis begrenzte Ressourcen méiglechst clever ze notzen, a fir och den zukünftige Generatiounen nach méiglechst optimal Liewenskonditiounen kënnen ze bidden.

Vu Mëtt September bis Mëtt Januar konnt elo all Gemeng, mee och ONGë wéi de Mouvement écologique, den aktuellen PDAT Entwurf aviséieren. Op där Basis wäert de Ministère d'Strategie dann iwwerschafen. Och wann de PDAT eng immens komplex Matière ass, ass se gutt a wichteg. Dofir fanne mir et och wichteg, dass eis Gemeng en Avis oofgett. Allerdengs stinn am proposéierten Avis och eenzel Punkten a Kritiken déi an eisen Aen net ganz korrekt sinn, an dowéinst hu mir ons enthaalen.

Budget rectificié 2022 & Budget 2023 : Mir waren dëst Joer net mam Budget d'accord an hunn dogéint gestëmmt. Dank de klammende Recette vu Gewerbesteier a Staat, ass d'Situatioun vun de Réiser Finanzen (nach) net dramatesch. D'Méikäschten vun der Kris kritt d'Gemeng allerdengs daitlech ze spiere, a weider Auswierkunge kommen 2023 an och 2024 nach no. Am Budget 2023 ass dofir dee gréisste Scholdepret zanter ganz langem virgesinn. Wéinst de gudde Recetten ass d'Scholdelag momentan ok, mee sollt d'Konjunktur abrieche, kéint sech d'Bild séier änneren. De Buergermeeschter soot och dat déi nächst Majoritéit wuel méi kleng Bréidercher baken misst. Des Majoritéit huet vill a grouss Projeten aus Steng a Beton investéiert. Déi nächst Majoritéit wäert et, wat d'Sue betrëfft, méi schwéier kréien.

Mir begréissen d'Moosnamen ëffentlech Gebaier a Stand ze halen an dass dobäi ökologesch, nohaltig Aspekter respektéiert ginn! Et ass awer bedauerlech, dass de Schoulcampus Béiweng/Bierchem iwwer 30% méi deier gëtt. Mir stelle fest, dass d'Gemeng vill an de soziale Wunnengsbau investéiert. Esou kréie manner bemëttelt Stéit zwar ënnert d'Äerm gegruff mee dat geet oft net duer, si brauchen och sozial Ënnerstëtzung z.B. bei der Kannerbetreierung. De Précoce zum Beispill funktionéiert net optimal. Klasse mat 20 Kanner sinn ze grouss, d'Kanner vum Précoce dierfen net mam Bus matfuere, an anere Gemenge geet dat. Dodurch gewinnen sech d'Kanner an d'Elteren drum mam Auto an d'Schoul ze fuere. D'Précoce Kanner dierfen net an d'Maison relais, dat ass sozial ongerecht, si hätten doduerch och d'Méiglechkeet fréi Lëtzebuergesch ze léieren.

Et war déi 1. Kéier dat de Buergermeeschter a sénger Budgetsried ganz kloer an ausdrécklech iwwert Energie a Klimawandel geschwat huet. Mir als gréng Partei sinn iwwerzeegt, dass et fir d'Ëmwelt, de Klima an eng liewenswäert Zukunft absolut erfuerderlech ass, Energie ze spueren, ob erneierbar Energien ze setzen an eis Mobilitéit ze änneren. Dofir si mir och onzefridde mat der Visioun, der Prioritéitesetzung an der Geschwënnegkeet mat där d'Majoritéit Umwelt- a Klimaschutzzieler ugeet.

„Ze spéit, ze wéineg, ze lues an net kohärent genuch“, beschreiw fir eis Greng am graffe Resumé de bishärege Bilan vun desem Schäfferot am Umwelt-, Klima an Energieberäich. Och bei de Vëlospisten ass kee zesummenhängent Konzept erkennbar. Et sinn isoléiert Moosnamen, wou en plus d'Poussetten, d'Hënn, d'Foussgänger an d'Vëlofuere sech d'Platz mussen deelen, oder de Vëlo an den Auto. D'Uschlëss innerorts, tëscht den Uertschaften, a mat den Nopeschgemenge sinn nach net gutt.

Et gouf sécherlech net näscht geschafft; et gouf effektiv iwwerall bessen gemaach, mee et feelt eis hei un enger klorer Line an un der neideger Prioritéit. A wéi schon dei läscht Joere gesot, läit dat secherlech net just u politeschen Differenzen, mee och zu engem groussen Deel u feelendem Know-How a feelende Ressourcen um Nivo vum Personal. Mir freeën eis dofir besonnesch, dass fir 2023 endlech déi vun eis laang gefroote Verstärkung vum Umweltsevice virgesinn ass. Do stellt sech just d'Fro: Firwat réischt elo, kurz viru Schluss, beim 6. a läschte Budgetsentswurf vun desem Mandat ?

E grouse Merci dem Buergermeeschter fir d'Erklärungen, d'Hären Inglebert a Thiry an all de Beamten fir d'obzestellen. Mir wënschen all Réiserbänner*Innen e schéint, friddlecht a gesond Joer 2023!

E Resumé vun onsen mëndleche Froen (+ Äntwerten) fannt Dir am Sätzungsrapport op de Säite virdrun, an am originale Wuertlaut am Gemengerots-Video vum 15.12: <https://video.roeser.lu>

Nos positions au Conseil communal du 15 décembre 2022

La version française sera disponible sous: <https://www.facebook.com/> ou par code QR:

